## So' hun d'Jongen . . .

(Fortsetzong vu Seit 3)

Preiss, onsem Erzfeind, drei Bataillo'nen ze vernichten, an dem Russ de Bréckekapp Nikopol an d'Hänn ze spillen. (3 Bataillo'ne wore bei deser Attack agesat, se wore frösch opgeföllt gin.

Ons hât de sadisteschen Divisio'nsgenerol gesot: „Wenn dieser Angriff fehl geht, so müssen wir den Brückenkopf räumen und das darf unter keinen Umständen geschehen, denn ein Führerbefehl lautet: Unter allen Umständen ist Nikopol zu halten, weil andernfalls die ganze Südfront ins Wanken kommt."

Mir stonge beim Gefechtsstand an hâten nach eng Stonn Zeit. Ons wor et eso' schwe'er em d'Hèrz. Mei Komerod Pier duecht un seng Fra a seng zwé Kanner, ech u meng Mamm, de' eleng dohém wor. E klengt Gebiéd un d'Mamm vun alle Letzeburger, an un d'Arbecht. Mir wossten, wo' d'Dre't lo'gen, am leschte Moment e'er et lass gong, op zwo' Plazen, toc toc, an d'Dre't wore kapot.

Eng ve'rel Stonn me' spe't wore mir zwé verwonnt. Mat ons lo'gen 1200 Preisen um Buedem, vun dénen kén de Kapp konnt hiéwen, well dem Iwan seng Ari, seng Granatwerfer, seng Ratschbumm, seng Stalinurgelen, dat alles huet nuren eso' gepaff, gekrâcht, et huet é gemengt, d'Häll wär lass gewiéscht. D'chefen hun Ari ugefuerdert, mé si huet net geschoss, well et wor keng Verbindong me' do, d'Dre't woren hinnen virun der Nues durchgeschnidde gin.

Vun dénen 3 Bataillo'nen sin nach 15 Preisen liéweg eraus komm. De Russ ass durchgebrach an e bössche me' spe't hât hién de Bréckekapp befreit. Dén Dag, wann och zu Do't verwonnt, hâten zwé Letzeburger de' eng Satisfactio'n, eso' vill Preise wore kapott a manner do fir d'Welt ze pisacken.

Haut ass mei Komerod Pier a Gefängenschaft zu Tambow. Als Lo'n fir Nikopol soll hié geschwönn eröm kommen, dat ass mei Wonsch. Ech sin e Kröppel, mé mir hun als Letzeburger ons Pflicht gedun an dengen et nach eng Ke'er fir Letzeburg an ons le'w Grande-Duchesse.

*E Jong vu Löntgen.*

*Mondorf-les-Bains*

Grand-Duché de Luxembourg

Foie
Vesicule Bilaire
Rhumatisme
Estomac - Intestin - Nutrition
Maladies Tropicales - Paludisme

Ouvert du 1er février au 1er décembre

# Morts pour la Patrie



Raymond NICKELS, Pérel
gef. am Osten 25. 2. 43



Léo RAUSCH, Pérel
gef. am Osten 7. 8. 44
am Alter vun 23 Joer



SCHWIRTZ Josy
vu Leidelengen
gefall 9. 3. 44 a Russland
am Alter vun 22 Joer



TURMES Victor
vun Enscheringen
gefall de 26. 1. 1945
zu Koeben (Oder)



Jempy FELLER, Pérel
gef. 13. 10. 44 zu
Naomaoiviberg bei Luostari
am Alter vun 20 Joer

# Attaque op d'SS-Festung Lublin

Wién als Partisan matt polnesche Komeroden an der deischterer Nuecht oder am hellen Do de Preiss gejot huet, dé wéss am beschten ze erziélen, we' do hémlech geschafft go'f, a we' Letzeburger Jongen, weit vun dohém, egal we' se woren, fir d'Freihét agestane sin.

Et wor eng Juninuecht, me' kâl we' matten am Wanter. E puer hémlech Schiéd schleichen rondöm d'Festong vu Lublin, we' Kâzen öm de warme Brei. Vun Zeit zu Zeit konnt é blénkegen Drot am Mo'ndlîcht opblenke gesin. Hei ass eppes fir sech gângen, dat net grad vu Stre' wor. Drei Mann hun eng gro'ss Mapp önnert dem Arem gedroen. Wat der Deiwel sollt nömmen do dra verstoppt sin? No enger ve'rel Stonn si mer eröm eso' lautlos verschwonnen we' mer komm woren.

Dén anere Muergen ge'nt 11 Auer wor Rassemblement op enger Wis net weit vun der Festong. Hei lo'gen zwé Mann, de' e Sonnebad geholl hun, do so'zen der drei beienén, de' sech én dén aneren masse'ert hun. Et go'wen der emmer me' an op émol so'zen se all zesummen Kârt ze spillen. Jidderén krut seng Uweisongen, a ge'nt halwer zwo' wor d'Festong vun alle Seiten emstallt. Ech stong e pur honnert Meter vun der Breck, iwer de' a kurzer Zeit 18 SS d'Festong verlôsse sollten. Ponkt 2 Auer kommen se ugeréckt. Den e'schte könnt stolz we' e Pohunn an senge gewixte Stiwelen do lassmarsche'ert, de' aner net manner stolz hannendrun. Hémlech grinsen ech. Dén nächste Moment get et eng furchtbar Détonatio'n: d'Bréck matt de Preisen flitt an d'Lucht, d'Fatzen fle'en no alle Seiten ewech. Ech hun d'Pisto'l parat, a scho klâkt et aus allen Ecken drop lass. E regelrecht Frédefeier! D'Kugele peifen dénen anere Preisen, de' erbeilafen fir ze höllefen, nömmen eso' em d'Käpp. Mir ze'en ons lues an onse Quarte'er no bei der Stad zréck. Dén Dag hâte 17 Preisen vergiéss, den Otem ze ze'en. Vun ons wor kén och nömme verwonnt gin.

We' du de September d'Russen a Lublin agezu sin, wor ech an der polnescher 2. Arme', 8. Div. als Oenneroffize'er bei engem Colonel. Ech hât et se'er gudd bei hinnen, an ech kann de Polaken nömmen villmols merci soen fir de' gentillesse matt dèr si mech als Letzeburger traite'ert hun. Hinnen hun ech schliesslech mei Liéwen ze verdanken. Ech hât do hannen a Polen eng zwét Hémecht fonnt an et ass mer wirklech schwe'er gefall fir vun do fort ze goen.

*Mattdélongen un ons Sectio'nen*

Mir soen heimatt onse Sectio'nen am Numm vum Ro'de Kreiz villmols merci fir de' sche'n Somme vun 110.000.— Frang, de' si gesammelt hun fir d'letzeburgescht Ro'd Kreiz.

An engems biéder mer de' Sectio'nen de' hir Ofrechnong nach net gemâch hun de'selwecht eso' schnell we' me'glech un d'Ro'd Kreiz, 5 rue de Rollingergrund anzeschécken.

Sekretariat vun der
Ligue «ONS JONGEN».



## De Lûssert

**De' Sâch mat dénen Telleren, de' doremmer fle'en, ass nach net gele'st. Ech wësst nëmme gären wat do eso' gelungen derbei ass. Ech hu schons Telleren mat den Tâsen doremmer, an dorueter gesi fle'en. Et soll eso' guer schons virkomm sin, datt e ganzen Service zur Fënster erausgângen ass.**

*

Wann é gären eppes geseit fir seng Suen, da musse Möttwochs owes op d'Plessdarem op de Concert goen. Do geseit én, gerad we' bei enger Mo'deschau ons Jöffercher ronderöm goen, emmer ronderöm, sech weisen. D'Musik lauschtert natirlech kén, soss ke'm et dach net vir, dat während d'Militärmusek e Marsch aus Carmen spillt, irgend eso' en Typ den „Tico Tico" ge'f peifen, an hârt!

De Combel ass allerdengs, wann eis frösch entlôssen P.W.'en a beschter Tenue, mat ronderëm trëppelen, hannert de Jöfferchert! Si sche'ngen sech zimlech schnell ze acclimatise'eren.

*

**Wann ech dann elo de' Buick gewannen oder d'Citroën, da kann ech natirlech mam Auto dorëmmer lusse goen. Wann ech se awer net kre'en, da verrauen ech mech. Net well mein Milljé net gewonnen huet (dat passe'ert mer all Ke'er) nén, well ech d'Billjéen alleguer beienén gesin hu leien, — des Ke'er — an mer dé richtegen net konnt eraussichen.**

**A fir se alleguer ze kâfen, dat wären mer der e puer ze vill!**